An eise verschidde Jugendzentre bidden eis pedagogesch Ekippe villfälteg Aktivitéite fir Kanner- a Jugendgruppen un. Mir bidde non-formal Erliefnisser a sechs Kategorien un: Natur, Sport, Team, Medien, Kreativitéit a Mënscherechter. Alles ass méiglech beim SNJ!

Eis pedagogesch Offeren ënnerstëtze Kanner a Jonker dobäi, verantwortlech, selbststänneg an aktiv Bierger*innen ze ginn.

D'Aktivitéite kënnen och mat aneren Aktivitéite kombinéiert ginn. Et besteet ausserdeem d'Méiglechkeet a verschidden Zentren och e Repas sou wéi Iwwernuechtungen dobäi ze buchen.

Mir freeën eis schonn op Äre Besuch!

**Kontakt**

Weider Informatiounen zu eisen Zentren, Aktivitéiten a Projete fannt fir um Site:
**www.erliewen.snj.lu**



# Erliewen beim SNJ

Service national de la jeunesse

Eng Selektioun vun eisen Aktivitéiten a Projeten



### Team Erliewen

## Marienthal Expeditioun

Wärend engem Rallye mat thematesche Statiounen an der Ëmgéigend vum Marienthal, diskutéieren déi Jonk op enger spillerescher Aart a Weis iwwert d'Wäerter vum Zesummeliewen.

**Dauer:** 3 Stonnen
**Präis:** 80€

### Natur erliewen

## Klimawandel zu Lëtzebuerg



De Klimawandel gëtt op fuerschend Aart a Weis op seng Ursaachen, Auswierkungen a Folgen ënnersicht. D'Participanten entwéckelen ee Verständnes fir klimarelevant Zesummenhäng a kennen dës am globalen a regionale Kontext reflektéieren. Strategien zum Klimaschutz sou wéi individuell Handlungsméiglechkeete ginn ënnersicht.

**Dauer:** 1 Dag (9h00 – 15h00)
**Präis:** 0€



### Sport erliewen

## Urban Sports

MIr kommen bei Iech! Di Jonk kréien eng Aféierung an Trendsportaarten, déi iwwerall méiglech sinn. Op spilleresch Manéier ginn Balance a Koordinatioun gefërdert.

**Dauer:** 3 Stonnen
**Präis:** 80 €



### Medien erliewen

## Video CV

Di Jonk kréien eng Aféierung fir hiren eegenen Video CV ze maachen. Vum Script schreiwen, iwwert d'Ophuelen bis bei de Montage.

**Dauer:** 1 Dag (9h00 – 16h00)
**Präis:** 0€ (gratis bis zum 1. Mäerz 2024, duerno 160€)

### Mënscherechter erliewen

## Diversitéit ass fir mech...?



Bei dësem Projet kréie Jonker d'Méiglechkeet sech kënschtleresch mat der Fro auserneen ze setzen, wat Diversitéit fir si bedeit. Déi Jonk kënnen dobäi verschidde Konschtforme wéi Fotografie, Molerei a Graffiti kenneléieren. D'Wierker déi entstinn, ginn dann am Kader vun de "Portes ouvertes" zu Fënfbrunnen presentéiert an ausgestallt.

Sidd dir un dësem Projet fir är Jonker méi interesséiert, da kontaktéiert: **cinqfontaines@snj.lu**



### Kreativitéit erliewen

## Kreativ Serigraphie

An dësem Atelier kënnen déi jonk Maker een eegenen Design erstellen an dëse mat der Technik vum Siebdrock op en T-Shirt oder en Akafskuerf iwwerdroen. Si ginn dobäi begleet a beroden a léieren duerch hiert eegent kreatiivt Schafen. Hir Produktioun kënne si dono mathuelen.

**Dauer:** 3 Stonnen
**Präis:** 0 €